N°2907
Entrée le 09.10.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Travail

**Réponse du Ministre du Travail à la question parlementaire N°2907 du 19 septembre 2025 de l'honorable Député Marc GOERGEN concernant « Congé extraordinaire dans le cas du décès de l'enfant ».**

**Fro: Ginn et Iwwerleeunge bei der Regierung, fir de Congé am Fall vum Doud vun engem Familljemember z'erhéijen? Falls nee, wat schwätzt dogéint?**

Trauer ass ganz individuell an doduerch ass et natierlech schwéier anzeschätze wéi vill Zäit eng Persoun fir sech an hir Famill brauch fir sech nees an hiren Alldag erëmzefannen. Dëst erklärt och firwat et tëscht den EU-Länner esou grouss Divergenze gi wat de Congé am Fall vum Dout vun engem Kand ugeet.

Esou ass zum Beispill an Däitschland, Holland an Éisträich gesetzlech kee Congé fir d'Verstierwe vun engem Kand virgesinn. Wann esou e Congé net iwwert e Kollektivvertrag gereegelt ass, kënnen déi trauerend Eltere just hiren normale Congé ufroe fir aus perséinleche Grënn net op d'Aarbecht ze kommen, respektiv sech ëm e perséinlechen Noutfall ze këmmeren.

Spuenien an Italien gesi jeeweils e Congé vun 2 bis 4 Deeg fir d'Verstierwe vun engem Kand vir, wärend a Frankräich, an der Belsch an am Portugal méi Congésdeeg ewei zu Lëtzebuerg virgesi sinn.

Et sief drop higewisen, dass am Koalitiounsprogramm keng Erhéijung vun deem Congé extraordinaire virgesinn ass, mee eng Rei aner Upassunge vun extraordinairen an spezielle Congéë wäerten am Laf vun dëser Legislaturperiod virgeholl ginn, notamment wäert de Congé fir de Verloscht vun engem Kand op spéit Feelgebuerten, Doutgebuerten oder Fréigebuerte mat Doudesfall erweidert ginn.

Am Fall vum Dout vun engem Kand besteet fir de Salarié, no Oflaf vun de 5 Deeg Congé extraordinaire, och nach d'Méiglechkeet vun engem Dokter krankgeschriwwen ze ginn, falls de Salarié aus Grënn vu mentaler Gesondheet nach net an der Lag ass nees schaffen ze goen.

Luxembourg, le 8 octobre 2025

**(s.) Georges MISCHO**
**Ministre du Travail**